N°3087
Luxembourg, le 22.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Et gi vill Leit, déi Wäert op eng bewosst Ernärung leeën, egal, ob et aus etheschen, reliéisen oder gesondheetleche Grënn ass. Leider feelt et dacks un Transparenz an der Gastronomie, besonnesch bei der Notzung vun Déiereprodukter.

E puer Beispiller dozou: wann een am Restaurant Spaghetti Bolognese bestellt, gëtt net ëmmer uginn, datt d'Fleesch aus geméschtem Gehacktes (Schwäin a Rëndfleesch) besteet. Dat selwecht gëllt fir Zaloten, déi onerwaart mat Speck zerwéiert ginn, och wann ee just eng mat Geessekéis bestallt huet, oder asiatesch Gerichter, wou d'Fleeschzort net kloer deklaréiert ass.

Esou wéi Allergene mussen deklaréiert ginn, sollt et och fir Fleeschzorten an Déiereprodukter méi kloer Reegele ginn, fir de Konsument z'informéieren. Dat géif net nëmme méi Transparenz fir d'Konsumente schafen, mee och d'Vertrauen an d'Gastronomie stäerken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Iddi, dass am Restaurant transparent op der Menükaart misst stoen, ob ee Plat Déiereprodukter enthält, souwéi d'Zort an d'Hierkonft vum Produit?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés